Dépôt :

Liz Braz (LSAP)

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2025

HA Position du Luxembourg sur nouveaux objectifs OTAN

2

# Motioun

D'Chamber

**Stellt fest,**

- dass déi nei geopolitesch Realitéiten d'Erhéijung vun den nationalen Ausgabe fir d'Verdeedegung erfuerderen an d'Regierung decidéiert huet bis Enn des Joers 2% vum *Revenu national brut* (RNB) fir d'Defense auszeginn;
- dass d'Regierung schonns virum NATO-Sommet zu Den Haag hir Zoustëmmung fir déi nei NATO-Ziler annoncéiert huet;
- dass d'Alliéiert um leschten NATO-Sommet zu Den Haag en neit Zil festgeluecht hunn an zwar bis 2035 5% vum *Produit intérieur brut* (PIB) an d'Verdeedegung ze investéieren;
- dass dës 5%-Fuerderung haaptsächlech op Drock vum US-President zeréckgeet, obwuel ni presentéiert ginn ass wéi eng reell Prioritéiten a Besoinen d'NATO an Zukunft wäert hunn;
- dass 5% vum RNB viraussiichtlech op d'mannst 10% vum Staatsbudget wäert ausmaachen an eng enorm Belaaschtung fir d'Staatsfinanzen duerstelle wäert;
- dass e grousse Mangel un Transparenz besteet, wéi eng Depensë bei de jeeweilegen Alliéierten als *Effort de défense* a Betruecht gezu ginn a wéi eng Investissementer an dem Zesummenhang fir Lëtzebuerg a Fro kommen;

**Fuerdert d'Regierung op**

- en detailléierte Plang virzeleeën, den duerleet, wat d'Trajectoire vum Lëtzebuerger *Effort de défense* ass, wéi dëst soll finanzéiert ginn a woura soll investéiert ginn, a wéi eng positiv Effekter fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft a Gesellschaft solle generéiert ginn;
- sech dofir anzesetzen, dass kloer an transparent offegeluecht gëtt, wat genee als Verdeedegungsausgab an d'Berechnung vun der NATO afléisst, fir esou méi Gerechtegkeet a Gläichgewiicht tëscht den Alliéierten ze garantéieren.

Liz Braz